# Resolutioun vum ADR Nationalkongress
# iwwert d'Verfassungsrevisioun

Lëtzebuerg, den 2. Juli 2021

Den Nationalkongress vun der Alternativer Demokratescher Reformpartei stellt fest, datt

- **d'Aarbechten** un enger grousser Verfassungsreform an der Institutiounekommissioun vun der Chamber **wäit fortgeschratt sinn**;
- vun der CSV, der DP, der LSAP an deene Gréng **geplangt ass, fir déi Reform** a Form vu véier Revisiounsgesetzer esou séier ewéi méiglech duerch zwee Votten an der Chamber **unzehuelen**, also **ouni Referendum**;
- **dës Virgoenswеis ass e Broch vun de Walverspriechе** vun deene véier Parteien, déi sech virun de Chamberwalen 2018 mat folgende Wierder fest dozou engagéiert haten, eng Verfassungsreform an engem Referendum virzeleeën:

  ▪ CSV: „*Vor dem ersten verfassungsrechtlichen Votum wird der Verfassungstext in regionalen Diskussionsrunden mit den Bürgern erörtert und durchdiskutiert. Sollten sich wichtige Erkenntnisse für den Verfassungstext ergeben, werden diese ihren Niederschlag im Verfassungstext finden. Erst dann wird die Abgeordnetenkammer das erste verfassungsrechtliche Votum in Angriff nehmen. Dieser Text wird danach den Bürgern in einer Volksbefragung (Referendum) vorgelegt und wird das zweite verfassungsrechtliche Votum ersetzen. Bei positivem Ausgang erhält das Land während der nächsten Legislaturperiode eine neue Verfassung.*"

  ▪ LSAP: „*Die LSAP wird prinzipiell am neuen Verfassungstext festhalten und sich im Parlament im Rahmen der ersten Lesung für das neue vorgeschlagene Grundgesetz aussprechen. Anstelle einer zweiten Lesung soll der neue Verfassungstext allen stimmberechtigten Bürgern anschließend nach breiter öffentlicher Diskussion zur Abstimmung per Referendum vorgelegt werden (…)*"

  ▪ DP: „*Über ein Jahrzehnt wurde im Parlament an einer Verfassungsrevision gearbeitet. In der laufenden Legislaturperiode konnten die Arbeiten am neuen Verfassungstext beendet werden. Die vier größten im Parlament vertretenen Parteien tragen diesen Text mit und haben sich für ein Referendum während der nächsten Legislaturperiode ausgesprochen. Da die Verfassung die eigentliche Rechtsgrundlage unseres Landes ist, muss im Vorfeld das Referendum mit weitgehendster und objektiver Information sowie mit weitmöglichster Bürgerbeteiligung begleitet werden.*"

  ▪ déi Gréng: „*Eine vielfältige, offene Gesellschaft gründet auf den Grundrechten, die in einer modernen Verfassung ausformuliert sind. Sie halten unsere Gesellschaft in ihrer Vielfalt zusammen und sichern das friedliche Zusammenleben. Deshalb ist es wichtig, die Reform unserer Verfassung zügig abzuschließen und per Referendum den Bürgern und Bürgerinnen zur Abstimmung vorzulegen.*"

Fir d'ADR ass déi Virgoensweis net akzeptabel. An hirem Programm fir d'Chamberwalen 2018 huet si sech och konsequent fir méi Matsproocherecht vun de Bierger agesat a wëllt d'Wieler méi dacks un de politeschen Entscheedungen iwwert de **Wee vum Referendum** bedeelegen.

**Fir de Fall, wou an der Chamber eng Majoritéit vun zwee Drëttel vun den Deputéierte sollt fir eng nei Verfassung stëmmen, verlaangt d'ADR en nationale Referendum, fir dës nei Verfassung vum Vollek ratifizéieren ze loossen.**

<u>An deem Sënn huet d'ADR</u>

- den 19. Februar 2021 **eng Resolutioun an der Chamber abruecht, déi dëse Referendum agefuerdert huet**. Dës ADR Resolutioun gouf mat de Stëmme vun der CSV, der DP, der LSAP an deene Grénge verworf;
- den 19. Februar 2021 och **e Gesetzesvirschlag** (No 7771) **an der Chamber deponéiert, fir et de Leit ze erlaben, sech am Kader vun enger Verfassungsännerung och op elektroneschem Wee fir e Referendum auszeschwätzen.** Dës Prozedur soll et de Leit méi liicht maachen, e Referendum ze ënnerstëtzen. D'Regierung, zesummegesat aus DP, LSAP an déi Gréng, huet sech doropshin den 12. Mee 2021 géint déi Méiglechkeet ausgeschwat;
- den 20. Mee 2021 **eng Resolutioun an der Chamber deponéiert, déi** vum Hierscht 2021 un **eng breet Informatiounscampagne iwwert d'Verfassungsrevisioun fuerdert**, bei där de Leit all Neierunge sollen op eng neutral an objektiv Manéier presentéiert ginn, a bei där och eng kontrovers Diskussioun zu all Punkt soll méiglech sinn. Déi Resolutioun ass den 3. Juni an d'Institutiounekommissioun verwise ginn.

<u>D'ADR</u>

<u>**erënnert drun**</u>, datt **de Sënn vun enger Verfassung** dora besteet, e Staat rechtlech ze constituéieren, d'Reegele vu sengem Fonctionnement festzeleeën, d'Demokratie, de Rechtsstaat an d'Trennung vun de Gewalten ze garantéieren an de Bierger hir Grondrechter ze definéieren an ofzesécheren. Eng Verfassung ass also do, **fir engem Land eng laangfristeg Uerdnung a Stabilitéit ze ginn** an net fir kuerzfristegen, politeschen Iwwerleeungen oder Interessie vu verschiddene Parteie Rechnung ze droen. D'Verfassung ass och dat wichtegst rechtsstaatlecht Instrument, well si un der Spëtzt vun der Normenhierarchie steet, déi an alle Rechtsakte muss respektéiert ginn.

<u>**ass iwwerzeegt**</u>, datt **d'Legitimitéit vun enger Verfassung** dovun ofhänkt, datt si op engem breeden an **duerch e Referendum dokumentéierte Wëlle vun der Natioun** berout an net nëmmen op engem Konsens tëscht e puer politesche Parteien. Fir d'ADR, an iwwregens och fir vill auslännesch Rechtsdoktrinnen, ass den eigentlechen „Constituant" d'Natioun, an net d'Parlament;

<u>**deelt déi Meenung**</u>, datt eis Verfassung muss punktuell reforméiert ginn, a verschléisst sech dowéinst net enger oppener Diskussioun **iwwert en deelweis Iwwerschaffe vun der Verfassung**;

**begréisst ausdrécklech verschidde proposéiert Neierungen**, ewéi z.B. d'Stäerke vun der Lëtzebuerger Sprooch – eng laangjäreg Fuerderung vun der ADR –, datt eng parlamentaresch „commission d'enquête" elo soll kënnen op Ufro vun nëmmen engem Drëttel vun den Deputéierten agesat ginn, d'Stäerke vun de Rechter vun der Chamber, d'Verbesserung vun der Rechtssituatioun vu Mënsche mat Behënnerung, eng Klärung vum Statut vun den Déieren – wat och scho méi laang eng Fuerderung vun der ADR ass – d'Fuerschungsfräiheet, Präzisiounen am Beräich vun der Reliounsfräiheet an de philosopheschen Iwwerzeegungen, oder och d'Erweidere vum Bierger senge Rechter géintiwwer de Verwaltungen;

**kritiséiert,** datt d'**Aarbechten** un der Verfassungsreform am klenge Krees an **hannert zouenen Diere** gemaach ginn;

**zitt d'Conclusioun**, datt d'CSV, d'LSAP, d'DP an déi Gréng d'**Ëffentlechkeet bewosst a virsätzlech net informéieren** a scho guer net un hiren Aarbechte bedeelege wëllen;

**bedauert,** datt d'CSV, d'DP, d'LSAP an déi Gréng **vill direkt betraffen Instanzen iwwerhaapt net consultéiert** hunn, wéi z.B. de Syvicol, obwuel déi geplangte Reformen och wichteg Konsequenzen op d'Gemengen hunn, wat e weidere gravéierende Manktem un Transparenz an Dialogbereetschaft duerstellt;

**beklot**, datt déi geplangten nei **Verfassungsännerunge** bewosst a virsätzlech **a véier Texter opgespléckt** goufen, fir de Prozess manner transparent an d'Diskussioun méi kompliziéiert ze maachen;

**verlaangt**, datt déi véier Texter an Zukunft mateneen diskutéiert a prozedural parallel behandelt ginn, inklusiv bei engem eventuellen éischte Vott an der Chamber, fir et der breeder Ëffentlechkeet méi einfach ze maachen, wa si vun hirem Recht, fir e Referendum ze froen, wëll Gebrauch maachen;

**ass der Iwwerzeegung**, datt déi elo proposéiert Verfassungsännerungen, nieft verschiddene punktuelle Verbesserungen, och **eng ganz Rei vu grondleeënden a wierkleche Geforen, Problemer a Schwächten** opweisen, vun deenen der hei sollen eng Rei exemplativ genannt ginn. D'Grondlag dofir stellen den aktuelle Stand vun den Aarbechten an der Institutiounekommissioun, a speziell déi schonn zum gréissten Deel ausformuléiert an zum Deel och schonn deponéiert Revisiounspropositiounen N° 7575, N° 7700, N° 7755, an N° 7777.

D'ADR kritiséiert ënner anerem

**d'Politiséierung vun der Verfassung** duerch „politesch Staatsziler mat Verfassungsrang". Dat heescht, datt z.B. all Beamten, wann e vereedegt gëtt, gläichzäiteg och mat op déi politesch Inhalter vun der Verfassung muss säin Eed ofleeën. Zu dësen neien, sougenannten „Staatsziler" gehéiert beispillsweis „d'neutralité climatique". Rezent, den 29. Abrëll 2021, huet en Urteel vum Bundesverfassungsgeriicht an Däitschland gewisen, wéi esou e Verfassungszil ka benotzt ginn, fir iwwer Geriichtsurteeler, also laanscht déi demokratesch Prozesser, der Politik eng gewëssen Handlungslinn virzeschreiwen.

Virun allem awer ginn déi „Staatsziler“ op folgend Manéier begrënnt:

> „Les conséquences liées à ces objectifs s'expliquent par **leur utilisation par le législateur pour justifier des dérogations non excessives à des principes constitutionnels**. Les objectifs à valeur constitutionnelle peuvent donc étendre les pouvoirs du législateur en limitant l'application de certains principes constitutionnels.“

Domat kënnen also déi konstitutionell Rechter vun de Leit ageschränkt ginn, dëst z.B. am Numm vun de sougenannten neie Staatsziler, wéi dem Kampf géint de „Klimawandel“, dem „Naturschutz“, dem „Erhale vun der Biodiversitéit“ oder och dem „Recht op eng passend Wunneng“. Wéi dobäi d'Formel „non excessif“ soll interpretéiert ginn, ass ongewëss. Kënne Leit z.B. enteegent ginn, fir aneren eng „passend Wunneng“ ze ginn? Ass et „excessiv“, engem e „logement sous-occupé“ (– déi Gréng wëllen dës Notioun aféieren –) ewechzehuelen, wann anerer keng Wunneng hunn? Den Text vun der Proposition de révison seet just: „Cet objectif impose au législateur de prendre les initiatives nécessaires pour permettre à toute personne de disposer d'un logement décent.“

Och beim Kampf géint de „Klimawandel“ (– esou wéi déi Gréng dës Notioun interpretéieren –) kann een an Zukunft all Exzesser, mat Hiweis op dat neit, politescht Staatszil „Klimaneutralitéit“, rechtfertegen an duerchsetzen. Ëmmer nees héiert een z.B. vu de Gréngen, datt Haus- an Notzdéieren ze vill Kuelendioxyd a Methan géinge produzéieren. Soll dat an Zukunft kënnen en Argument ginn, fir am Numm vum Staatszil „Klimaneutralitéit“, en Déiereverbuet anzeféieren? Wéi eng aner Limitatiounen, z.B. am Beräich vun der Beweegungsfräiheet, kéinten eis nach imposéiert ginn? Däerfe mir an Zukunft nach an aner Länner fléien oder fueren, sief dat, fir Vakanz ze maachen, oder einfach fir Famill am Ausland ze besichen?

## D'Schwäche vun der nationaler Souveränitéit duerch

- d'Festleeë vun eisem Land op international, politesch Prozesser mat ongewëssen Entwécklungsperspektiven, ondäitlechen institutionellen Ausformungen an net kloer definéierte Prozeduren an Inhalter, wéi z.B. duerch d'Formel: „**Le Grand-Duché de Luxembourg participe à l'intégration européenne**“. Doriwwer eraus sinn esou Feststellunge banal, well e klengt Land ewéi Lëtzebuerg jo souwéisou keng aner Méiglechkeet huet, ewéi duerch e gewësse Grad un internationaler Zesummenaarbecht seng Intressien ofzesécheren.
- **déi definitiv Delegatioun vu souveräne Rechter** („exercice de pouvoirs de l'Etat“) **un international Organisatiounen,** un d'Europäesch Unioun an „international Institutiounen“ soll dann net nëmme méi „temporär“ méiglech sinn, wéi et bis elo de Fall war, mee soll an Zukunft och definitiv méiglech sinn, an zwar duerch e Vott an der Chamber mat qualifizéierter Majoritéit („L'exercice de pouvoirs de l'Etat peut être transféré à l'Union européenne et à des institutions internationales par une loi adoptée à la majorité qualifiée“). Et gëtt net gesot, ob mir esou Rechter kënnen zeréckfroen an, wa jo, no wéi enge Prozeduren. Och wier et besser gewiescht „à des organisations internationales dont le Luxembourg est membre“ ze schreiwen, amplaz vun „institutions internationales. Et ass ze notéieren, datt de Kommentar zum proposéierten Text en

temporäre Verzicht op souverän Rechter ausdrécklech als „Fiktioun“ bezeechent, an datt déi véier dofir verantwortlech Parteien domat den definitiven Transfert vu souveräne Rechter un international Instanzen, besonnesch un d'Euroipäesch Unioun, zu hirem Zil erklären.

- **d'Gefor vun enger Ënneruerdnung ënnert d'Europäesch Unioun bei enger méiglecher Ausklamerung vun der Chamber.** Den neien Arikel 33 seet, de Groussherzog „prend les règlements nécessaires pour l'application des actes juridiques de l'Union européenne“ an den Exposé des motifs seet dozou just „Le paragraphe 3 et 4 proposent d'introduire une disposition destinée à faciliter la mise en œuvre des actes juridiques de l'Union européenne“. Esou „actes juridiques“ vun der Unioun kënnen awer och Direktive sinn, déi anescht ewéi „d'Reglementer“ an „d'Decisiounen“ vun der Unioun ëmmer och mussen duerch d'Parlamenter goen. Dovu geet hei awer keng Rieds méi. Dëst werft eng Rei vu berechtegte Froen op, well ënner „Actes juridiques de l'Union“ sinn no europäeschem Recht ze verstoen: Traités européens, Règlements, Directives, Décisions, Recommandations, Avis, Actes délégués an Actes d'exécution. Wat ass also hei genee gemengt? Wéi soll dat funktionéieren? Wat sinn d'Konsequenze vun esou enger vager an allgemenger Bestëmmung, besonnesch och fir d'demokratesch Kontrollfunktioun vun der Chamber?
- **Den onnéidegen an eesäitege Verzicht vun eisem Land op verschidde vu senge Rechter, zum Deel am Widdersproch zu sengen internationale Verflichtungen an de Fonctionnementsreegele vun den Europäeschen Institutiounen**, wéi z.B. dat Recht, eng eege Wärung ze hunn („le droit de battre monnaie“). Dëst steet am Géigesaz zum Artikel 128 vum „Traité sur le fonctionnement de l'Union Européenne“, dee seet:

> „Les États membres peuvent émettre des pièces en euros, sous réserve de l'approbation, par la Banque centrale européenne, du volume de l'émission. Le Conseil, sur proposition de la Commission et après consultation du Parlement européen et de la Banque centrale européenne, peut adopter des mesures pour harmoniser les valeurs unitaires et les spécifications techniques de toutes les pièces destinées à la circulation, dans la mesure où cela est nécessaire pour assurer la bonne circulation de celles-ci dans l'Union“.

Et ass nach ze notéieren, datt déi Dispositioun aus der Verfassung soll erausgeholl gi mat dem wéineg iwwerzeegenden Argument, datt de Begrëff „battre monnaie“ géing almoudesch kléngen (!). Wann dat wierklech sollt de Problem sinn, kéint een d'Recht op eng eege Wärung jo am Text stoe loossen an et just anescht formuléieren. Dobäi ass nach ze soen, datt an anere Verfassunge vun EU-Memberstaaten, dëst Recht vum Staat, fir iwwer seng eege Wärung ze verfügen, verankert bleift.

An der belscher Verfassung heescht et beispillsweis am Artikel 112:

> „Le Roi a le droit de battre monnaie, en exécution de la loi.“

Dat däitscht Grondgesetz bestëmmt am Artikel 73 :

> „(1) Der Bund hat die ausschließliche Gesetzgebung über: (…) 4. das Währungs-, Geld- und Münzwesen, Maße und Gewichte sowie die Zeitbestimmung;“

Déi spuenesch Verfassung seet am Artikel 149:

> „1. De Staat huet déi exklusiv Zoustännegkeet fir: (…) 11. Wärungssystem: Devisen, Geldwiessel a Konvertibilitéit; Grondlage vum Kredit–, Banken- a Versécherungswiesen;“ („Artículo 149. 1. El Estado tiene competencia exclusiva sobre las siguientes materias: (…) 11.ª Sistema monetario: divisas, cambio y convertibilidad; bases de la ordenación de crédito, banca y seguros.“)

Ganz allgemeng ass festzehalen, datt eist Land muss d'Recht behalen, Moossnamen ze huele fir de Fall, wou den Euro emol sollt ofgeschaaft ginn oder a seriö Turbulenze gerode géing. A senger kuerzer Geschicht hat déi Wärung schonn eng Rei vu Problemer, wéi z.B. d'Griicheland-Kris. Och an anere Wärungsuniounen huet Lëtzebuerg scho problematesch Situatiounen erlieft, z.B. an der belsch-lëtzebuergescher Wärungsunioun duerch eng eesäiteg Ofwäertung vum Frang duerch d'Belsch.

## <u>D'Schwächung vun der Roll vum Groussherzog</u>

D'ADR erënnert drun, datt de Groussherzog politesch neutral ass an iwwert der Politik steet. Si hat an hirem Walprogramm vun 2018 betount, datt si sech zur parlamentarescher Demokratie an zur konstitutioneller Monarchie bekennt, „déi dem Lëtzebuerger Land a senge Bierger Fräiheet a Prosperitéit garantéiert hunn. Mat der ADR ginn d'Prerogative vum Groussherzog net weider ageschränkt“. Si kritiséiert och dowéinst eng Rei vun Ännerungen an deem proposéierte Verfassungstext:

- **An der Vereedegungsformel** vun de Politiker an de Beamte gëtt den Deel „**Je jure fidélité au Grand-Duc**“ **an Zukunft ewechgelooss**. D'ADR bekennt sech zur Monarchie a bedauert, datt déi Referenz op d'Monarchie an Zukunft net méi soll Deel vun der Eedesformel sinn.
- **D'Aféierung vun enger Prozedur, fir de Groussherzog, op Initiativ vun der Regierung, kënnen ofzesetzen**, wat et him als Staatschef ganz schwéier mécht, eng onofhängeg Meenungsbildung ze hunn an iwwerparteilech am Intressi vum Land an am Respekt vu sengem Gewësse kënnen ze handelen. Den Artikel 48 bestëmmt dozou:

  > „Si le Grand-Duc ne remplit pas ses attributions constitutionnelles, la Chambre des Députés, à la demande du Gouvernement, le Conseil d'Etat entendu en son avis, décide à la majorité qualifiée qu'il y a lieu de considérer que le Grand-Duc a abdiqué.“

  Wéi dat dann an der Praxis ze interpretéieren ass, ass zimmlech onkloer. De Risiko besteet, datt dës Prozedur einfach nëmmen heescht, datt d'Regierung – där e Groussherzog, z.B. aus politesche Grënn, „net passt“ – ka verlaangen, datt dësen ofgesat gëtt. D'ADR hätt sech hei vill méi präzis a restriktiv Reegele gewënscht, ewéi z.B., datt onléisbar Ëmstänn virleien (z.B. gesondheetlech Incapacitéit), déi et dem Groussherzog onméiglech maachen, d'Land ze regéieren. E Groussherzog ass kee gewielte President an d'Kontinuitéit an d'Eegenaart vun der Monarchie als Staatsform verlaangen e vill méi grousse Respekt virun engem Monarch ewéi dat, wat d'CSV, d'DP, d'LSAP an déi Gréng hei wëllen duerchsetzen.

- **De Groussherzog verléiert d'Recht, fir, op seng Initiativ, d'Chamber opzeléisen an domat bannent dräi Méint Neiwalen erbäizeféieren.** Dëst Recht ass eng Reegel, déi et dem Staatschef erlaabt, an enger politesch komplizéierter Situatioun, dem Vollek d'Méiglechkeet ze ginn, fir en neit Parlament ze wielen an domat eventuell och eng aner Regierungsbildung ze erméiglechen. Et ass ervirzehiewen, datt dëse Pouvoir vu kengem Groussherzog jeemools mëssbraucht gouf an et och dowéinst net anzegesinn ass, firwat de Staatschef dëst Recht elo soll ewechgeholl kréien. Dëst Recht, dat am aktuellen Artikel 74 vun der Verfassung steet, ass u sech eng Dispositioun, déi zwar formell e Recht vum Staatschef ass, awer de facto eng demokratesch Garantie fir d'Vollek duerstellt. De Groussherzog kann net méi maachen, ewéi duerch d'Opléise vum Parlament de Pouvoir erëm un d'Vollek zeréckzeginn. Dëst ass absolut legitim an esou Dispositioune gëtt et och an anere Verfassungen, wou de Staatschef kann d'Parlament opléisen, z.B. a Frankräich. Déi geplangten, nei Texter gesi vir, datt de Groussherzog nëmmen nach ënner ganz bestëmmten a restriktive Konditioune kann d'Chamber opléisen, wat d'Méiglechkeet fir Neiwalen onnéideg aschränkt.
- **D'Ofschafe vun der Dispositioun** aus där aktueller Verfassung, no där „**La justice est rendue au nom du Grand-Duc par les cours et tribunaux**".

<u>D'Méiglechkeet vun engem Auslännerwalrecht</u>

- kënnt zeréck an ass domat eng Mëssuechtung vum Resultat vum Referendum vun 2015. Den neien Artikel 9bis (2) seet: „**Sans préjudice de l'article 52, la loi peut conférer l'exercice de droits politiques à des non-Luxembourgeois**". Just am Kommentar vum Artikel gëtt präziséiert – also NET am Verfassungstext selwer (!) –, datt dat sech net soll op d'Legislativwalen applizéieren. Firwat gouf dat dann net esou an de Verfassungstext selwer geschriwwen? Et däerf ee sech déi Fro stellen, an ëmsou méi, well e Kommentar net direkt rechtsverbindlech ass, mee eng Interpretatiounsquell vum Verfassungstext duerstellt. **Hei ass d'Intentioun ganz kloer d'Aféiere vum Auslännerwalrecht duerch d'Hannerdier.** D'Resultat vum Referendum vun 2015 soll op dës Manéier annuléiert ginn, wat e Schlag an d'Gesiicht fir ronn 80% vun de Lëtzebuerger ass. Domat gëtt dann och nach méi kloer, firwat d'LSAP, d'DP, déi Gréng an d'CSV kee Referendum iwwert déi nei Verfassung wëllen.

<u>D'Schwächung vun der Famill duerch en</u>

- **Ofschafe** vun där aktueller Verfassungsformel: „*L'Etat garantit **les droits naturels de la personne humaine et de la famille.***" duerch en einfachen „L'Etat veille au (…) *respect de la vie familiale* ".
- **Aféiere vun engem *de facto* Recht op e Kand** an doduerch vun enger Kommerzialiséierung vum Kand duerch d'Dispositioun „*L'Etat veille au respect du droit de toute personne de fonder une famille.*" Domat gëtt och begënschtegt, datt och eng Eenzelpersoun en Usproch op e Kand erhiewen an domat absichtlech a vu vireran d'biologesch Mamm oder de biologesche Papp vum Kand aus deem sengem Liewen ausschléisse kann. Iwwerhaapt wier et sënnvoll, de Begrëff vun der Famill ze präziséieren.

- **Ersetze vun den Eltererechter duerch zousätzlech Rechter fir de Staat bei der Erzéiung vun de Kanner**. Déi nei Verfassung gëtt dem Staat direkt Rechter iwwert d'Kanner: „L'Etat veille à faire bénéficier chaque enfant de la protection, des mesures et des soins nécessaires à son bien-être et son développement". Dat sinn awer originär Aufgabe vun den Elteren, déi hei emol net méi ernimmt ginn. Wien decidéiert also herno prioritär iwwert dat, wat fir d'Kand gutt ass, seng Elteren oder de Staat? Wéi eng Reegele kéint de Staat opgrond vun esou enger Dispositioun aféieren, géint déi d'Eltere sech dann net méi kéinte wieren? En dacks zitéiert Beispill ass eng méiglech Obligatioun, datt och scho ganz kleng Kanner, soi-disant „zu hirem Wuel", mussen an enger Crèche versuergt ginn, fir datt hir Mamme kënne schaffe goen.
- Aféiere vu reng **ideologeschen Elementer** an d'Verfassung, wéi z.B. d'„**Gender-Theorie**", déi behaapt, datt et keng biologesch Geschlechter gëtt. De Kommentar zu dem Artikel 11 seet : „Au sujet de l'égalité entre femmes et hommes, (…) si le terme „égalité des genres" (…) n'a pas été retenu, sa finalité n'est pourtant pas contestée. " Et ass evident, datt esou eng Confirmatioun vun där ideologescher „Gender-Theorie" an engem offiziellen Text wäert dozou féieren, datt d'Realitéit vum biologesche Geschlecht vun de Mënsche vun intresséierte Kreesser ëmmer méi politesch contestéiert gëtt. D'ADR huet sech ëmmer géint déi onwëssenschaftlech Genderideologie ausgeschwat an huet och nach an hirem Walprogramm vun 2018 betount, datt d'Chancëgläichheet vun de Geschlechter net däerf mat Gläichmaacherei verwiesselt ginn. Dowéinst ass si beispillsweis och géint Quoten.
- Aféiere vu gutt gemengten, mee **net realiséierbare Verspriechen**, ewéi z.B.: „L'Etat veille à ce que toute personne puisse (…) disposer d'un logement approprié". Hei brauch ee keng Verfassungsverspriechen, mee eng vernënfteg Wunnengsbaupolitik fir de Problem unzepaken, wéi och eng nei Approche géintiwwer der Wuesstemsproblematik. Ausser et geet een op de Wee vun der Verstaatlechung, an et hëlt een, fir dëst politescht Staatszil ze erreechen, deenen engen eppes ewech, fir et deenen aneren ze ginn. Déi nei Verfassung soll jo och eng Extensioun vun den „pouvoirs du législateur en limitant l'application de certains principes constitutionnels" erméiglechen, an domat wuel och eng Aschränkung vum Recht op Eegentum.
- Aféiere vun **onkloren an onverständleche Formuléierungen**, déi d'Dier fir all Méigleches opmaachen, wéi z.B. den Artikel 11 (2): „Nul ne peut être discriminé en raison de sa situation ou de circonstances personnelles".

<u>D'ADR bedauert och</u>, **datt** bei dëser Verfassungsreform **op eng ganz Rei Méiglechkeete verzicht gëtt**, déi wierklech institutionell Verbesserunge bruecht hätten, an déi scho vun der ADR proposéiert goufen. Den Nationalkongress consideréiert dowéinst, datt dës Verfassungsrevisioun eng Revisioun vun de verpasste Chancen ass.

<u>D'ADR vermësst dobäi besonnesch</u>

- eng ausdrécklech Referenz op **d'Recht op Liewen;**
- eng Reflexioun iwwert **d'Verhältnes tëscht internationalem** respektiv europäeschem **Recht géintiwwer der nationaler Verfassungs- a Rechtsuerdnung**, inklusiv der Opnam

vun internationalem an europäeschem Recht an dat nationaalt Recht mat méiglecher hierarchescher Reegelung (Virrangreegelung);

- eng **Reform, respektiv eng méi präzis Beschreiwung vun aktuell ongerechten oder onkloren Dispositiounen am Walsystem**, wéi z.B. bei den Dispositiounen iwwert d'Festleeë vun den Deputéierte pro Walbezierk an de Modus vun der Verdeelung vun de Mandater;
- eng Reflexioun iwwert d'Zuel vun den Deputéierten, d'Opportunitéit vun Iwwerhangmandater, d'Rechter vun den Deputéierten (z.B. beim Quelleschutz), eng méi genau Definitioun vun der parlamentarescher Immunitéit am Verfassungstext, de **Statut vun de Ministeren** an **d'Nominatioun vu politesche Beamten**;
- e méi groussen an einfache **Gebrauch vum Referendum op nationalem Niveau,** fir méi direkt Demokratie ze erméiglechen, an d'Präzisioun, datt d'Resultat vun engem Referendum decisiv ass. No den neien, geplangte Verfassungsännerunge vun deene véier Parteien – CSV, DP, LSAP an déi Gréng – soll de Referendum awer „exceptionnel" bleiwen an déi Leit, déi sollen däerfen ofstëmmen, sinn net automatesch d'selwecht definéiert ewéi den Elektorat bei de Chamberwalen. D'Méiglechkeet vun enger Bedeelegung vu Leit, déi bei de legislative Wale kee Stëmmrecht hunn, gëtt domat bewosst agefouert. Och dat ass eng weider Entwécklung a Richtung Auslännerwalrecht. D'ADR constatéiert a bedauert, datt d'CSV, d'DP, d'LSAP an déi Gréng et de Leit bewosst wëlle prozedural méiglechst schwéier maachen, fir e Referendum ze froen. Dozou gehéiert och, datt deen neien Artikel 115 virschreift, datt e Referendum op Initiativ vum Vollek nëmme kann ofgehale ginn, wann op d'mannst 25.000 (!) ageschriwwe Wieler dat froen.
- **d'Méiglechkeet, fir et** der Regierung, all Deputéierten, dem Staatsrot an **all Bierger ze erlaben, sech op direktem Wee un d'Verfassungsgeriicht ze adresséieren**, änlech ewéi dat an Däitschland de Fall ass (dëst betrëfft d'Modalitéite vun der sougenannter „saisine" vum Verfassungsgeriicht);
- eng konsequent administrativ a funktionell Trennung vum Parquet (Staatsanwaltschaft) an alle riichterleche Funktiounen (Magistratur). De Parquet soll als **eng normal Administratioun an der Fonction publique** etabléiert ginn, an et soll, **an all Prozess viru Geriicht,** fir **eng Gläichbehandlung vum Parquet an der Defense** gesuergt ginn;
- eng **exklusiv Besetzung vum „Conseil national de la Justice" duerch Magistraten,** fir eng Politiséierung vum Organ ze verhënneren (amplaz, wéi elo virgesinn, „majoritairement composé de magistrats");
- **d'Ernimme vun der Militärjustiz**, déi awer en noutwennege Bestanddeel vun der Arméi ass. D'ADR wëll d'Militärjustiz reforméieren awer net ofschafen, wat déi nei Propositioun awer unzestriewe schéngt;
- d'Aféiere vun enger juridiktioneller **Kontroll vun de Moossnamen, déi d'Regierung wärend engem „Etat de crise" hëlt,** duerch d'Verfassungsgeriicht iwwert de Wee vun engem efficacen a séiere Recours;
- eng **besser Berécksiichtegung vun de Beruffskummeren** (chambres professionnelles) an den Organer vun de **liberale Beruffer** mat hirem juristesche Statut an hire Rechter;

- déi aktuell Dispositioun: „Le **mariage civil** devra toujours précéder la bénédiction nuptiale.", déi eng wichteg Schutzfunktioun huet, besonnesch fir d'Fraen, déi d'ADR an der Verfassung stoe gelooss hätt;
- d'Aféiere vum Prinzip vun der **Fräiheet vun der Kultur**;
- d'Aféiere vum Prinzip vun der **Fräiheet vun der akademescher Léier**;
- d'Confirmatioun vum **Recht, fir seng Kanner selwer ze ënnerriichten**.

<u>Fir d'ADR ass et evident,</u> **datt déi geplangte Verfassungsännerung** vill méi wäit geet ewéi eng einfach „Upassung u gesellschaftlech Entwécklungen", eng „Moderniséierung" oder „Aktualiséierung" vun där bestoender Verfassung, an a ville Beräicher **radikal gesellschaftlech Reformen an Neierunge wëll aféieren**. Et ass deelweis e reegelrecht Neiforméiere vun der Lëtzebuerger Gesellschaft, an dëst geplangt mat Konzepter an Iddien, déi wuel a kengem, oder bal kengem aneren oder auslännesche Verfassungstext ze fanne sinn. D'Originn vun deene verschiddenen Textelementer ass dobäi heteroklit an et goufen „progressiv" Iddien aus enger Rei vun Texter zesummegewierfelt, deenen dann dacks déi intern Kohärenz feelt.

Sollt dësen Text ugeholl ginn, gëtt et op Joerzéngten onméiglech, dësen nees ze änneren, well et dofir eng 2/3-Majoritéit an der Chamber bräicht. An op laang Zäit ass net unzehuelen, datt déi véier fir dës Reform responsabel Parteien – CSV, DP, LSAP an déi Gréng – zesummen op manner wéi en Drëttel vun de Mandater géingen zeréckfalen, oder hir Feeler bei dëser Reform géingen ëffentlech agestoen. Domat wier op laang Zäit ausgeschloss, datt eng 2/3-Majoritéit kéint zustane kommen, fir déi nei Verfassung nees réckgängeg ze maachen.

<u>D'ADR verlaangt dowéinst</u>

- **eng breet ëffentlech a kontrovers gefouert Debatt an eng komplett Transparenz iwwert déi geplangte Reformen;**
- **e Referendum iwwert déi geplangten nei Verfassung**

<u>D'ADR verlaangt ausserdeem,</u>

- **datt déi nei Verfassung net nëmmen an där legislativer Sprooch, op Franséisch, geschriwwe gëtt, mee parallel och an der Nationalsprooch, op Lëtzebuergesch, publizéiert gëtt.**

N.B.: Dës Resolutioun reflektéiert de Stand vun den Diskussiounen an der Verfassungskommissioun vun der Chamber um 1. Juli 2021. Fir an dësem Stadium d'Diskussioun awer kënnen op wichteg Punkten ze konzentréieren, sinn net all Kriticke vun der ADR un deenen neie Verfassungstexter an dës Resolutioun opgeholl ginn. Si behält sech d'Recht vir, nach aner Kritikpunkten am Laf vun deenen nächste Méint ze thematiséieren. Well d'Diskussiounen an der Verfassungskommissioun vun der Chamber iwwert déi nei Texter nach net ganz ofgeschloss sinn, sinn och dowéinst nach weider inhaltlech Ännerungen an Entwécklungen am Laf vun den nächste Méint méiglech.